1-2021-0-R-6701-01 (n° 3637)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt : **Jeff Engelen**

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2021

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- dat neit Covid-Gesetz virschreift, datt d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule wärend de Coursen a Concerten och weiderhin d'Distanzreegel vun op d'mannst zwee Meter mussen anhalen oder virum Cours/Concert de Covid check maache mussen;
- an alle Schoule vum Fondamental a Lycéeën dës Obligatioun fir d'Schüler a fir d'Léierpersonal zënter der Rentrée opgehuewen ass, onofhängeg vun der Zuel vun de Persounen am Klassesall;

ass sech bewosst, datt

- déi kommunal Museksschoulen duerch dës inkoherent Reglementatioun onfair behandelt ginn an dru gehënnert ginn, normal ze fonctionéieren;
- et kee rationale Grond gëtt, d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule méi strenge Restriktiounen ze ënnerwerfe wéi d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fondamental a vun de Lycéeën;

fuerdert d'Regierung op,

- fir d'Schüler an d'Léierpersonal vun de kommunale Museksschoule keng méi restriktiv Corona-Moossnamen ze applizéiere wéi déi, déi fir d'Schüler an d'Léierpersonal vum Fondamental a vun de Lycéeë gëllen.

Jeff Engelen

Deputéierten